



datt 2008, wéi mer d'Diskussioun haten iwwert d'Gesetz vun der libre Circulation, d'CSV deemools dergéint war, datt et soll vun 10 op 15 Stonnen eropgesat ginn, well eisen deemolege Spriecher, dat war kee Geréngere wéi de Xavier Bettel, hat sech deemools scho ganz staark der-fir agesat,...

**(Brouhaha)**

...mä d'CSV mat hirem deemolege Minister un der Spëtzt, dem François Biltgen, huet sech awer dergéint ausgeschwat. Duerfir sinn ech frou, haut ze héieren, datt d'CSV kee Problem méi dermat huet, datt mer do eng Augmentatioun maachen.

Vläicht eng lescht Remark och nach, wat d'Ännerung vum Gesetz vu jeunes Au-pair ubelaangt, wou mir zwar net onbedéngt frou sinn iwwert déi Remark vum Conseil d'État, dee mengt, datt een do misst dee Lien familial méi präziséieren. Datt elo de véierten Degré do zrëckbehalte ginn ass, bon, doriwwer kann ee gedeelteren Meenung sinn. Mir akzeptéieren dat, well mer jo soss de Risiko gehat hätten, eng Opposition formelle ze iwwergoen. An dann hätte mer dat Gesetz hei net méi kennen elo an dëser Sessioun stëmmen. An deem Sënn si mer awer dermat d'accord, well et e wichtegt Gesetz ass. Et ass e Gesetz, wat Lëtzebuerg ouni Zweifel a senger Economie no vir bréngt.

Ech wëll ofschléissend dem Marc Angel awer och nach e grouse Merci ausspriche fir seng verschidde Rapporten a bréngt selbstverständlech d'Zoustëmmung vun der DP.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och dem Här Graas. Den Här Kox.

► **M. Henri Kox (déi gréng).**- Jo, Merci, Här President. An ech schlësse mech virop de Mercien un direkt un de Rapporteur fir säin ausféierleche mëndleche Bericht. Ech mengen, en ass op déi positiv Punkten agaange vun dësem Gesetz, wou mir als Gréng deem nëmme kënnen zoustëmmen.

Dofir soen ech nach eng Kéier Merci fir d'No-lauschteren.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Den Här Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Jo, villmools Merci, Här President. Ech wëilt och ufänke mat engem Merci un den Här Angel fir dee Rapport, deen en eis hei presentéiert huet.

Mir stëmmen dat Gesetz net mat. Mir wäerten eis enthalen. An ech wëll och kuerz erklären, firwat.

Mir hunn hei eng Situatioun mat där Regelung, déi elo fir d'Studenten hei ageféiert ass, datt se nach eng Rei vu Méint kennen heibleiwen nom Studium, fir hei eng Aarbecht ze fannen: En Dilemma, e moraleschen Dilemma, well mir hu jorelaang, an ech erënnere mech, datt och déi méi lénk politesch Parteie jorelaang argumentéiert hu géint de Braindrain, datt mer sollte probéieren ze kucken, datt déi Leit, déi mir hei an Europa ausbilden, zrëckginn an hir Länner, fir deene Länner op hirem Wee an eng besser ekonomesch Zukunft ze hëllefen. Dat ass u sech déi Iddi gewiescht, déi mer nach virun e puer Joer, mengen ech, hei alleguer vertrauden hunn.

Mir hunn haut awer, an, ech mengen, Virriedner hunn et gesot, eng oppen Economie. Mir brauchen och Leit vun dobaussen. A mir hunn eng Konkurrenzsituatioun mat anere Länner, mat hirer Economie a mat hiren Universitëiten, well et sech hei och ëm eng europäesch Regelung handelt. Duerfir kënnen mer op där enger Säit net déi Linn strikt anhalen, déi mer bis elo vertrauden hunn, op där anerer Säit wëlle mer awer och net dee moralesche Gedanken aus den Ae verléieren, deen eis, mat Recht, inspiréiert huet.

Mir mussen kucke vläicht, fir ze differenzéieren, datt et Länner gëtt, wou et net esou schlëmm ass, wann déi Leit heibleiwen oder guer net schlëmm ass. Ech wëll elo keng Beispiller soen, et kéint ee sech do liicht iren, mä mir wëssen alleguer, datt verschidde Länner, d'Pays tiers, déi net an der Europäescher Unioun sinn, heiansdo souguer en Iwwerfloss u Spezialisten a verschidde Beräicher hunn - do stellt sech dee Problem net -, mä datt zemools am Kader vun eise Partner an der Entwécklungshëllef oder anere Géigenden, déi mer klassesch den „Tiers-Monde“ nennen, wat mer haut jo awer net méi esou maachen, sech de Problem do akut stellt.

An ech mengen, et muss een einfach kucken, ob een net eng differenzéiert Approche kann erausschelen iwwert d'Joren, wou ee seet: „Hei, do ass e Problem an deene Länner. Do ginn déi an déi Spezialiste gebraucht. Mir probéieren, déi Leit zrëckzebréngen.“ A mir kënnen se souguer ënnerstëtzen op deem Wee. Firwat net engem Spezialist, sief et an der Medezinn,

wat mer jo hei elo am Land nach net kennen ubidden, oder an engem anere Beräich, eng Hëllef ginn, eng Starthëllef, fir eng Entreprise, fir eng Praxis, fir eng Etüd a sengem Land dann ze maachen, opzerrichten? Och dat wär eng Form vu praktescher Entwécklungshëllef.

Als Zweet huele mer och zur Kenntnis bei der Diskussioun vun dësem Gesetz, datt d'Chambre des Salariés eng Proposition gemaach hat, déi och net vun der Hand ze weisen ass. Dat ass dee Wonsch, Stagë besser ze reglementéieren. Och doriwwer kënnen mer schwätzen.

D'Argumentatioun vun der Immigratioun allgemeng, déi ass och hei am Kontext vun dëser Regierung net ganz iwwerzeegend. Hei gëtt gesot: „Mir brauchen eng Immigratioun, well mer Leit brauchen aus demografesche Grënn.“ Dat seet awer dëselwecht Regierung eis, déi direkt am Ufank vun dëser Legislaturperiod gesot huet: „Mir maache keng natalistesche Politik.“

Ech mengen, wann een demografesch Grënn fir d'Immigratioun invoquéiert, da kënnen mir och soen: „Ma da loosse mer eng Familjepolitik maachen, déi eis hëllef, och genuch Ressourcen, och genuch Kanner hei ze hunn, fir datt een net op déi zweetbesch Optioun, déi vun der Immigratioun, muss zrëckgräifen!“

An och dat Argument, fir ze soen: „Mir hunn net genuch qualifizéiert Leit“ léisst sech op eng Manéier widderleeën, fir nach eng Kéier ze betounen, wat mir jo als ADR ëmmer maachen, datt eng gutt Schoulpolitik, Schoule mat Niveau, mat héijem Usproch, eigentlech d'Äntwert sinn op déi Fro.

D'Qualifikatioun kënnen mir maachen. Matière grise hu mer hei am Land. Et ass eigentlech dat eenzegt Rohmaterial, wat mer hunn. Mir hu jo soss näischt. Also, loosse mer eis dorobber konzentréieren, datt mer och eise ganze Schoulsystem op en Niveau hiewen, deen et eis erlaabt, hei net mussen ze argumentéieren: „Mir brauchen Spezialisten, also mussen mer se iwwer Immigratioun hei an d'Land bréngen.“

Eng lescht Bemierkung. Den Här Angel huet ausgeféiert, datt mer jo déi europäesch Léisung an der Migratioun hunn. Jo, natierlech, als kleng Economie, als oppen Economie brauchen mer sécher eng europäesch Komponent an dësem Beräich. Ech wär awer ganz virsiichteg, fir hei d'Luft ze sange vun der europäescher Migratiounspolitik an deene leschte Joren! Dat war éischter e Fiasko wéi eppes anescht!

**(Interruption)**

A mir wëllen awer hei och kloer als ADR betounen, datt mir jo soen zu enger europäescher Dimensioun an der Migratiounspolitik, mir soe jo zum oppene Maart an zur fräier Zirkulatioun, awer mir behalen eis d'Recht vir, wa sech eng Situatioun ëmmer méi degradéiert, wa mer zu engem Fiasko, enger Oniwwersiichtlechkeet kommen, datt mer eis awer och dat Recht behalen, do national anzegräifen, wou et néideg ass.

Ech soen lech Merci.

► **M. Roy Reding (ADR).**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och. An de leschte Riedner ass den Här Baum.

► **M. Marc Baum (déi Lénk).**- Jo, Merci, Här President. Ech wëilt den Här Kartheiser dann awer wann ech gelift drun erënnere, datt dee Fiasko vun der europäescher Migratiounspolitik virun allem op d'Handele vun de Visegrád-Staten an deene leschten dräi Joer zrëckzeféieren ass, déi en absolutt onsolidarescht Verhalen un den Dag geluecht hunn an déi eigentlech just esäiteg Decisiounen geholl hunn an domat net déi solidarescht europäesch Wäerter staark gemaach hunn.

Déi zweet Remark adresséiert sech och un den Här Kartheiser oder dem Här Kartheiser seng Interventioun an ass déi, datt de Braindrain, deen an deene leschte fënnf, sechs Joer stattfonnt huet an Europa, an eng Richtung gaangen ass, näamlech aus de südlechen europäesche Länner an déi nördlech. Aus de Kriselänner, notament Griichenland an Italien, sinn ausgebildete Leit, déi an hire Länner ausgebildet gi sinn, an déi nördlech Länner komm.

D'Grënn vun där verfeelter, mengen ech, Krisepolitik vun der Europäescher Unioun leien do och éischter an enger reng liberaler Orientéierung wéi a soss iergendeppes anescht. Hei geet et awer ëm Leit aus Drëttlänner, déi zu Lëtzebuerg op der Universitéit oder wou och ëmmer ausgebild gi sinn an deene mir de Choix ginn - dee Choix, dee jo soss der ADR ganz wichteg ass -, fir kënnen entweder hei zu Lëtzebuerg en Job unzehuelen, wa se dann hei ee fannen, oder natierlech ze maachen, wat si wëllen, an hiert Heemechtsland zrëckzegoen.

Si kënnen notament och an der Entwécklungshëllef zu Lëtzebuerg schaffen. Si kënnen dann duerchaus en Job bei Lux-Development

fannen, fir kënnen d'Bréck zu hirem Heemechtsland ze maachen an nawell déi Capacitéiten, déi se hei op der Universitéit Lëtzebuerg geléiert hunn, och iwwert deen dote Wee an hirem Heemechtsland gëlteg ze maachen.

Duerfir mengen ech, et ass e Gesetz, et ass en Text virun allem am Interessi vun deene Studenten. A mir sollten dat och, mengen ech, unhuelen.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och. An domat si mer um Enn vun der allgemenger Diskussioun. An d'Wuert huet d'Regierung.

**Prise de position du Gouvernement**

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice, en remplacement de M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes.**- Merci, Här President. Ech wëll dem Marc Angel am Jean Asselborn sengem Numm Merci soen an och all deene Kolleegen, déi de Projet hei elo ënnerstëtzt hunn. Ech wëll awer dem Här Mosar kuerz äntweren op seng Fro zu de Blue Cards. Dat hate mer e bëssen anticipéiert. Ech hu mer et och nach eng Kéier bestätegt gelooss, well déi Rumeuren zirkuléiere méiglecherweis, mä se schéngen net ze stëmmen.

► **M. Roy Reding (ADR).**- Dach!

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice, en remplacement de M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes.**- Et gëtt guer keng Retarden, krut ech elo just nach bestätegt vun den zoustännege Beamte vum Ministère. Wann den Dossier komplett ass, Här Reding an Här Mosar, da gëtt déi Blue Card praktesch direkt ausgestellt. Natierlech muss den Dossier komplett sinn. Wann een d'Piëcen net allegueren deposéiert huet a selwer eng gewëssen Zäit brauch, bis een d'Piëcen dobannen huet, da kann natierlech och d'Verwaltung hiren Job net maachen.

Ech hunn dat elo just nach eng Kéier op der Minutt bestätegt kritt, et wäeren anscheinend keng Retarden, mä natierlech missten d'Dossiere komplett sinn.

Dat gesot, soen ech lech Merci fir d'Ënnerstëtzung fir de Projet.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och. A mir wäeren da prett, fir iwwert de Projet de loi 7188 ofzestëmmen.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7188 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo ofgeschloss.

57-mol Jo, 3 Abstentiounen: Domat ass de Projet de loi 7188 adoptéiert.

Ont voté oui: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, M. Aly Kaes (par Mme Martine Mergen), Mme Claudine Konsbruck, M. Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Claude Wiseler (par M. Marc Spautz), Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Cécile Hemmen;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. Gusty Graas), MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter (par Mme Josée Lorsché), Sam Tanson et M. Roberto Traversini (par Mme Sam Tanson);

MM. Marc Baum et David Wagner (par M. Marc Baum).

Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze froen?

**(Assentiment)**

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

A mer kommen zum nächste Projet, de Projet 7294, en Accord tëschent Lëtzebuerg an der europäescher Organisatioun fir Patenter iwwert d'Immunitéit vun hiren Archiver. An d'Wuert huet d'Rapportrice, d'Madamm Claudia Dall'Agnol.



## 4. 7294 - Projet de loi portant approbation de l'Accord complémentaire entre l'État du Grand-Duché de Luxembourg et l'Organisation européenne des brevets concernant l'inviolabilité des archives de l'Organisation européenne des brevets, fait à Luxembourg, le 5 mars 2018

**Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration**

► **Mme Claudia Dall'Agnol (LSAP), rapportrice.**- Merci, Här President. Dir Häre Ministeren, léif Kolleeginnen a Kolleegen, Dir Damen an Dir Hären allegueren, dëse Projet de loi, dee mer elo gläich da wäerten hei stëmmen, huet just een Artikel. Et ass also e ganz kuerzt Gesetz, wat den Text ubelaangt, well eigentlech heesche mer nëmmen en Accord tëschent Lëtzebuerg an dem EPO, dem europäesche Patentamt, wéi de President grad richtig sot, gutt. An do geet et drëms, d'Inviolabilitéit vun hiren elektronischen Archiven ze garantéieren.

Dësen Accord, dee gouf de 5. März dëst Joer ënnerschriwwen a soll deemno garantéieren, dass den EPO, déi e Centre de données wëllen hei am Land installéieren, wéi et der schonns eng Rei ginn, och d'Garantie hunn, dass alles, wat do stockéiert wäert ginn - d'Korrespondenz, Filmer, Manuskripter, Fotoen an esou weider -, och ënnert dës Inviolabilitéit wäert fallen.

Wien oder wat ass den EPO? Ma et ass eng zwëschestaatlech Aariichtung, déi de 7. Oktober 1977 op der Grondlag vum 1973 ënnerschriwwenen europäesche Patentiwwereekommes gegrënnt gouf. E bitt deene Leit, déi eppes erfannen, en eenheetlecht Umeldefahren, wou se dann a bis zu 42 State vum Patentschutz kënnen profitéieren. 38 Länner si Member beim EPO an iwwerwaacht gëtt dat Amt vun engem Verwaltungsrot, wou dann natierlech och Lëtzebuerg seng Verrieder dran huet.

Voilà, dat als e puer Infoe just, wien sengen Donnéeë mer mat dësem Gesetz solle Garantie ginn.

Elo awer zu de Chambersaarbechten: Nodeem de Jean Asselborn d'Gesetz den 30. Abrëll dëst Joer deposéiert hat, gouf ech de 7. Mee an der aussepolitischer Kommissioun zur Rapportrice vun dësem Projet genannt. Do hu mer och de Projet de loi analyséiert. Den Avis vum Conseil d'État koum den 12. Juni, an deen hu mer an der Kommissioun de 25. Juni gekuckt. Dat goung iwwerengs ganz schnell, well de Statsrot, deen hat keng Remarken dozou gemaach. An dofir gouf mäi schrëftleche Rapport och direkt an d'arselwechter Kommissiounssetzung presentéiert an och zum Vott gestallt.

An nodeem ech lech elo dann och mäi mëndleche Rapport zu dësem Projet de loi gemaach hunn, ass fir mech eigentlech d'Aarbecht als Rapportrice zu dësem Projet de loi dann och ofgeschloss. An ech profitéiere just nach downner, dass ech d'Wuert hunn, fir och den Accord vun de Sozialisten zu dësem Projet de loi ze ginn an natierlech lech wéi ëmmer Merci fir d'Nolauschteren ze soen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och. An dann huet d'Wuert den Här Mosar.

**Discussion générale**

► **M. Laurent Mosar (CSV).**- Och hei e ganz grouse Merci, Här President, un eis exzellente Rapportrice. Si war ganz komplett. Mir bleift guer näischt do derbäizefügen, ausser den Accord vu menger Fraktioun ze ginn.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Den Här Berger huet d'Wuert.

► **M. Eugène Berger (DP).**- Merci, Här President. Och, net datt ech et vergiessen a menger kuerzer Interventioun, der Rapportrice e Merci fir hiren exzellente schrëftlechen a mëndleche Rapport. Si huet et wierklech kuerz awer op de Punkt bruecht. Ech mengen, dat hei ass eigentlech eng Adaptatioun, déi d'Digitalisierung vun eiser Gesellschaft an och alles dat, wat do ronderëm dréit, mat sech bréngt. Et ass eigentlech an där Hisiicht eng Adaptatioun un déi nei Technologie. Mir hu kee Problem domadder. Au contraire, mir begreissen dat, well mir jo och eng vun de Parteie sinn, wéi vläicht anerer och, déi soen, datt d'Zukunft am Digitale läit.

Dat gesot, géif ech och den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet abréngen.

Merci.





► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Dann ass et un dem Här Kox.

► **M. Henri Kox** (*déi gréng*).- Och vun der grénger Fraktioun aus en décke Merci un d'Rapportrice fir hire méndlechen a schrëftleche Rapport, an ech gi gläichzäiteg den Accord vun der grénger Fraktioun.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Da kritt den Här Kartheiser d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Jo, villmools Merci, Här President. Ech fänken och u mat deem Merci, dee verdéngt ass fir d'Madamm Claudia Dall'Agnol fir dee gudden Rapport. An ech wëll och dem Här Berger direkt versécheren, datt, mengen ech, heibanne wahrscheinlech sechs Parteie sinn, déi sech der Meinung kënnen uschlëssen, datt an der digitaler Entwécklung wierklech e groussen Deel vun der ekonomescher an anerer Zukunft vum Land läit.

Wat ech am Numm vun der ADR wollt soen zu deemem Gesetzestext, ass dat hei: Mir begrëssen déi Tatsaach, datt Lëtzebuerg sech doduerch eng kleng Nisch verschaaft, datt mer jo och deen Accord iwwert déi sougenannten elektronesch Ambassade mat Estland ofgeschloss hu viru Kuerzem. Elo maache mer dat mam europäesche Patentamt an enger ganz äänlecher Form. An ech wëll do erënneren, datt d'ADR eng Motioun agereecht hat, wou mer ebe just op déi Dimensionen opmierksam maachen a proposéieren, datt mir, och well mir jo Pionéier sinn an deem Beräich, déi néideg Initiativen an deenen internationale Fora entwéckele sollten, fir dat international rechtlech am Diplomaterecht ofzesécheren, well mer och domadder eis Pionéierpositioun, eis Nischepositioun an deem do Beräich kënnen ausbauen an ënnermauern.

Leider ass dat bis elo net hei zur Diskussioun komm. Mir hoffen nach ëmmer, datt mer dat endlech an der bausepolitescher Kommissioun kënnen eng Kéier zur Sprooch bréngen an datt mer et och nach an d'Plenière kréien, well et wier schued, et wier eng verpasste Chance fir eist Land, wa mer déi Entwécklung, déi mer elo ugefaangen hunn, net géifen notzen, fir eis e Stéck weider op deem Wee ze positionéieren an no vir ze bréngen.

Eng lescht Bemierkung: Et ass richtig, datt mer déi elektronesch, och déi rechtlech Säite vun deenen Accorde kucken a consideréieren, mä ech wëll just drun erënneren, datt an deenen Zäiten och nach eng ganz aner Obligatioun domat verbonnen ass, nämlech einfach déi physisch Sécherheet vun de Centres de données. Mir sinn an enger Zäit vun enger terroristescher Menace, wat mer jo all bedauern. An ech mengen, et ass ganz wichteg, datt mer eis och géint d'Cyberattaque schützen.

Ëmsou méi esou Accorde mer mam Ausland ofschlëssen, desto méi grouss gëtt déi Verantwortung, déi mir iwwerhuelen, fir Donnéeën vun internationalen Organisatiounen oder vun anere State bei eis ze stockéieren, desto méi grouss gëtt och eis Verantwortung, fir dat effikass ze schützen, an datt mer dat och dann eescht huelen, wat dorausser fir eis entsteet.

Dat gesot, stëmme mir dat Gesetz selbstverständlech mat.

Villmools Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Den Här Baum huet mer signaliséiert, dass hien och domat d'accord ass. An da géif ech dem Här Braz d'Wuert weidergi fir d'Regierung.

#### Prise de position du Gouvernement

► **M. Félix Braz**, *Ministre de la Justice, en remplacement de M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes*.- Merci, Här President. E Merci un d'Madamm Dall'Agnol fir hire méndlechen a schrëftleche Rapport. Merci och fir déi ganz breet Zoustëmmung. Dat hei ass fir d'Regierung e ganz wichtige Projet, well e sech aschreift an eis Strategie vun „Digital Luxembourg“ oder „Digital Lëtzebuerg“. Dat ass eng Strategie mam Objektiv, fir eis à terme ze positionéieren als dat Land, wat am Beräich vum ICT déi héchst Visibilitéit an Europa soll hunn a fir dass mer e Centre d'excellence am Hightechberäich solle ginn.

Dese Projet reit sech an a schonn eng Rei vun anere Projeten, déi Der kennt, déi mer ofgeschloss hu mat der Regierung vun Estland, och mat der NATO Support and Procurement Agency an awer och mat der Europäescher Kommissioun.

Den Här Kartheiser schwätzt zu Recht vun enger Nisch, déi mer hei probéieren, ze besetzen. Ech wëll awer präziséieren, dass et eng Kompetenznis ass, déi Lëtzebuerg hei konsequent besetzt, an dass mer hei zu Lëtzebuerg

amgaange sinn, fir vill anerer eng Vertrauensplattform opzebauen. A bei där ass dese Projet e ganz wichtegt Element.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Da si mer prett, fir ofzestëmmen.

#### Vote sur l'ensemble du projet de loi 7294 et dispense du second vote constitutionnel

An d'Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7294 fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwuer.

60-mol Jo: De Projet de loi 7294 ass mat Unanimitéit adoptéiert.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf (par Mme Martine Mergen), Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, M. Aly Kaes (par M. Paul-Henri Meyers), Mme Claudine Konsbruck, M. Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Martine Hansen), Claude Wiseler (par M. Marc Spautz), Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Cécile Hemmen;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. Gusty Graas), MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter (par Mme Josée Lorsché), Sam Tanson et M. Roberto Traversini (par Mme Sam Tanson);

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner (par M. Marc Baum).

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens ze froen? Ass dat esou?

#### (Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

A mer kommen un de Projet de loi 7251, eng Ofännerung vum Gesetz iwwert d'Wahle fir d'Landwirtschaftskummer. An d'Wuert huet de Rapporteur, dee sech duerchkämpft, den Här Gusty Graas.

### 5. 7251 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 4 avril 1924 portant création de chambres professionnelles à base électorale

#### Rapport de la Commission de l'Agriculture, de la Viticulture, du Développement rural et de la Protection des consommateurs

► **M. Gusty Graas** (*DP*), *rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de 4. Abrëll 1924 war e wichtegt Gesetz a Kraaft getrueden. Et ass nämlech ëm d'Schafe vun de Chambres professionnelles gaangen. An dat war ouni Zweifel e wesentleche Schrëtt am Fonctionnement vun der parlamentarescher Demokratie. Et war awer och e wesentleche Schrëtt an eng Valeur ajoutée fir de legislative Prozess.

#### (M. Henri Kox prend la présidence.)

Well mer musse ganz éierlech sinn: Et ass jo awer ëmmer erëm interessant, wa mer déi vill Aweise vun deenen eenzelne Chambres professionnelles kréien. An et kann een och hei roueg soen, datt dat eent oder dat aner Gesetz vläicht manner gutt ausgefall wär, wa mer net do gutt Aweise krëtt hätten.

Duerfir, mengen ech, soll een och vun dëser Geleeënheet emol eng Kéier profitéieren, fir all de Chambre-professionnellé Merci ze soe fir hir Aarbecht, déi se am Laf vun deene Jorzénge geleescht hunn.

Eng vun dëse Chambres professionnelles ass d'Landwirtschaftskummer, déi och eng wichteg Fonctioun ze erfëllen huet. Nieft dem Opdrag, fir Aweisen iwwer Gesetzer respektiv Règlement-grand-ducallen ze ginn, ass hir Haaptmissioun awer och d'Berodung vun hire Memberen. De Comité setzt sech aus véier Leit zesummen. D'Plenarversammlung setzt sech aus 19 Leit zesummen. An dierneft sinn natierlech och 19 Suppleanten an zwar 15 Baueren, 3 Wënzler an ee Gäertner.

Am November vun deem Joer hätten u sech sollen d'Wahle stattfanne fir de Renouveau vun der Chambre d'Agriculture. Ech mengen, mir alleguer heibanne wësse jo gutt, datt de 14. Oktober awer och e wichtige Da-

tum ass. Do geet et drëms, fir dës Chamber ze erneieren. An dowéinst ass dann och d'Iddi opkomm, d'Meenung opkomm, datt et vläicht net gutt wier, wa sech den Interesse vun der d'Effentlechkeet ze vill op de 14. Oktober géif fokusséieren amplaz dann awer och op d'Wahle vun deenen eenzelne Chambres professionnelles.

A wéi gesot, dunn ass dann awer d'Decisioun geholl ginn, fir u sech déi Wahle vun de Chambres professionnelles, vun der Landwirtschaftskummer an deem Fall, ze verréckelen. An zwar ginn do elo zwee Méint virgeschloe fir d'Joer 2019, an zwar de Februar an de Mäerz. Den exakten Datum wäert da vun deem neie Landwirtschaftsminister duerch en Arrêté ministériel festgesat ginn. Dës Dispositioun kritt dann iwwregens och en definitive Charakter, virun allem fir dann eben och déi Schoulvakanze kënnen ze ëmgoen. Hei geet et natierlech virun allem ëm d'Fuesvakanz an och ëm Ouschteren.

Ech wëll awer direkt hei betounen, datt d'Mandater vun deene Leit, déi de Moment an der Landwirtschaftskummer sinn, automatesch och verlängert ginn, an zwar bis zu deem Datum, wou dann déi nei Landwirtschaftskummer wäert a Kraaft trieden, dat virun allem, fir e Vide juridique ze verhënnern.

Iwwregens hu mer jo hei och schonn decidéiert, datt d'Chambre des Salariés hir Wahlen och verréckelt.

Dese Projet de loi gouf den 23. Februar 2018 vum Landwirtschaftsminister Fernand Etgen deposéiert. De Statsrot huet säin Avis den 29. Mee ginn. An a senger Sëtzung vum 19. Juni huet d'Agrarkommissioun hire President zum Rapporteur genannt, an dee Rapport gouf dann och de 27. Juni eestëmmeg ugehall.

Et dierft och wuel wahrscheinlech keen iwwerraschen, datt d'Landwirtschaftskummer sech ganz positiv zu deem Gesetzesprojet ausgeschwat hat. A well mer der Meinung sinn, datt et awer wichteg ass, datt déi Ännerung vun den Datumen hei kënn, géif ech lech bidden, dann och deem klenge Gesetzesprojet hei zouzestëmmen, a ginn natierlech och gläichzäiteg den Accord vun der DP-Fraktioun.

Ech soen lech Merci.

► **M. Henri Kox**, *Président de séance*.- Merci dem Rapporteur. An als éischt Riednerin ass déi honorabel Madamm Martine Hansen drun.

#### Discussion générale

► **Mme Martine Hansen** (*CSV*).- Merci, Här President. An ee grouse Merci un de Rapporteur, de Gusty Graas. Hien huet am Prinzip alles erkläert. Et ass kloer, d'Landwirtschaftskummer huet eng wichteg Roll ze spillen. An dofir sinn d'Wahle fir d'Landwirtschaftskummer och extrem wichteg. An dofir ginn ech och den Accord vun eiser Fraktioun fir dese Projet de loi.

► **M. Henri Kox**, *Président de séance*.- Merci der Madamm Hansen. Nächst Riednerin ass d'Madamm Cécile Hemmen.

► **Mme Cécile Hemmen** (*LSAP*).- Jo, Merci, Här President. Ech schlësse mech natierlech och, wat elo d'Wichtegkeet vun der Landwirtschaftskummer ubelaangt, deene Wieder un, déi d'Madamm Hansen elo grad gesot huet.

Ech gi selbstverständlech och den Accord vun der Sozialistescher Partei a soen dem Här Graas Merci fir säin explizite schrëftlechen a méndleche Rapport.

► **M. Henri Kox**, *Président de séance*.- Merci. Den nächste Riedner ass den Här Gérard Anzia.

► **M. Gérard Anzia** (*déi gréng*).- Merci, Här President. Wat si muss, muss sinn. Mir sinn och d'accord, fir deen Datum ze réckelen. Ech ginn den Accord vun der grénger Fraktioun a Merci un de Rapporteur.

► **M. Henri Kox**, *Président de séance*.- Domat si mer fäerdeg mat den Diskussiounen. Da ginn ech nach d'Wuert un de Landwirtschaftsminister. Här Etgen, Dir hutt d'Wuert.

#### Prise de position du Gouvernement

► **M. Fernand Etgen**, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs*.- Merci, Här President. Zum Projet selwer ass alles gesot. A mir bleift dann och näischt anescht iwwreg, wéi mech deene verdéngte Mercie fir dee gudden Rapport vum Rapporteur Gusty Graas unzeshlëssen.

Merci.

► **M. Henri Kox**, *Président de séance*.- Gutt. Da komme mer zur Ofstëmmung.

#### Vote sur l'ensemble du projet de loi 7251 et dispense du second vote constitutionnel

Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. De Vott ass ofgeschloss mat Unanimitéit fir dese Projet de loi.

#### (Exclamations)

Dat ass selbstverständlech fir esou e wichtige Projet.

Résultat définitif: le projet de loi 7251 est adopté à l'unanimité des 60 votants.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par Mme Martine Mergen), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, M. Aly Kaes (par M. Paul-Henri Meyers), Mme Claudine Konsbruck, M. Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Martine Hansen), Claude Wiseler (par Mme Octavie Modert), Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Cécile Hemmen;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. Gusty Graas), MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter (par Mme Josée Lorsché), Sam Tanson et M. Roberto Traversini (par M. Gérard Anzia);

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner (par M. Marc Baum).

Si mer d'accord, dass och den zweete Vote constitutionnel dispenséiert gëtt?

#### (Assentiment)

Dat ass och de Fall. Da soen ech lech Merci. An ech iwwerginn d'Wuert dem President erëm.

#### (M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Villmools Merci, Här President. An da géife mer direkt zum leschte Punkt vun eiselem Ordre du jour iwwergoen: de Projet de loi 7291, deen d'Ennerstëtzung vum ländleche Raum betrëfft.

► **M. Henri Kox** (*déi gréng*).- Deen hate mer dach elo grad eréischt?

► **Plusieurs voix**.- Neen.

► **M. Henri Kox** (*déi gréng*).- Ah pardon, entschëllegt!

#### (Brouhaha)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Här President, dat war d'Landwirtschaftskummer. Här Graas, Dir hutt d'Wuert.

### 6. 7291 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 27 juin 2016 concernant le soutien au développement durable des zones rurales

#### Rapport de la Commission de l'Agriculture, de la Viticulture, du Développement rural et de la Protection des consommateurs

► **M. Gusty Graas** (*DP*), *rapporteur*.- Merci, Här President. Effektiv, hei handelt et sech zwar erëm eng Kéier ëm e ganz...

#### (Interruption)

Nach net grad!

Hei handelt et sech erëm eng Kéier ëm e ganz klengen Gesetzesprojet, mä trotzdem awer keen onwichtige. Ech wëll drop hiweisen, datt d'Zuel vun de landwirtschaftleche Betriber hei zu Lëtzebuerg leider réckleefeg ass. 2000 hate mer der 2.728, 2015 2.022. Mä et kann een awer net ignoréieren, datt et sech nach wie vor ëm e wichtige ekonomesche Secteur handelt.

An et dierf een och net vergiessen, datt et kaum e Beräich gëtt um europäeschen Niveau, dee jo esou iwwert den europäesche Budget ënnerstëtzt gëtt wéi d'Landwirtschaft. Et kann ee soen, plus ou moins 35% fléissen an d'Agrarpolitik.

Viru gutt zwee Joer, dat war den 12. Mee 2016, hu mer op dëser Plaz e ganz wichtegt Gesetz gestëmmt fir d'Ennerstëtzung vun der Landwirtschaft hei zu Lëtzebuerg. Dat war dat 7. Agrargesetz. An deemools war, ouni datt ech natierlech elo erëm eng Kéier alles hei rappeléieren, wat Guddes decidéiert gi war, mä virun allem awer wollt ech op ee Punkt hiweisen, dat war d'Ennerstëtzung fir déi jonk Baueren, Wënzler a Gäertner. An zwar haten déi wirtschaftlech Kritären, déi deemools virausgesat gi waren, zrëckbehalen, datt e jonke Bauer sech an Zukunft och no wirtschaftleche Konditiounen installéiere soll kënnen, dat heescht, e muss och mindestens 23 Joer al sinn a manner wéi 40.